AUS DER CSV SEKTIOUN

De 25. Mäerz 2018 haten déi 4 nei Gemengeréit zënter de leschte Wahlen vum 8. Oktober 2017 hir grouss Ovatioun am Artikuss mat engem Cortège vun der Gemeng bis dohinn. Eis Sektioun ass besonnesch houfreg, dass 2 Leit aus hirer Mëtt dobäi geéiert gi sinn, nämlech de **Gaston ANEN** an d'**Franca ROMEO**, allenzwee vun Zolwer.

5.2.2018 - Den CSV-Comité säit der Generalversammlung

Nathalie MORGENTHALER
Presidentin
Aurélie ANEN
Vize-Presidentin
Mike LORANG
Vize-President

Carine REUTER-BAULER
Sekretärin
Mike HOLZEM
Trésorier

Membere sinn:

Gaston ANEN
Carmen AVARELLO
Michel BASCHERA
Michele BRUCCOLERI
Sylvie DELMARKO-GREISCH
Simone FRIESEISEN-BARTH
Anne LOGELIN
Albert MENGHI
Jérôme NEY
Paul POMANTE
Franca ROMEO
Lucien SCHILLING
Jos SCHMIT
Ferdi SIMON

Nei Accenter mat der CSV

ÄNNERUNGEN ZËNTER DER CSV-BEDEELEGUNG AM SCHÄFFEROT

Zesumme mam Koalitiounspartner LSAP, konnt d'CSV schonn éischt nei Accenter setzen:

Den Dossier vum Gemengerot ass komplett, wann de Gemengerot e 5 Deeg virun der Gemengerotssëtzung kritt. Et gi keng Punkte méi nodréiglech nogereecht, ausser et wär eng grouss Dréngleschkeet (wat bis elo nach net de Fall wuar, ausser fir Personalfroen).

De Gemengerot gëtt regelméisseg iwwert Neiastellungen informéiert an d'Nimm vun dëse Leit gi jidderengem matgedeelt.

D'Taxereglement (taxes de chancellerie) ass iwwerschafft ginn an domat all Diskriminatiounen aus dem Wee geraumt ginn. Dokumenter, déi ee gratis um Site vu „guichet.lu" kritt, sinn och elo all gratis op der Gemeng ze kréien.

D'Gemengeberichter komme méi séier an Är Bréifkëscht. Virun de leschte Wahlen hat et alt bis zu 6 Méint gedauert bis Där gewuer gi sidd, wat am Gemengerot geschwuat a gestëmmt ginn ass.

OP DE PUNKT.

KONTAKT- AN INFORMATIOUNSBLAT VUN DER CSV SUESSEM

VOS REPRÉSENTANTS CSV AU CONSEIL COMMUNAL

Nathalie MORGENTHALER - Échevine

Ressorts

- Finances et Budget
- Sports
- Enseignement (+Activités para- ou extrascolaires)
- Intégration
- Egalité des chances et diversité
- Economie solidaire, Aide humanitaire

- Présidente de la Commission scolaire
- Membre du Comité de prévention communal
- Membre des syndicats SIVEC & SIKOR

Carine REUTER-BAULER - Conseillère communale

- Présidente de la Commission de l'égalité des chances et diversité
- Membre de la Commission scolaire
- Membre des syndicats Minett-kompost & TICE
- Membre GT Contournement
- Membre suppléant ORT-Sud

Mike LORANG - Conseiller communal

- Président de la Commission des sports
- Membre de la Commission des bâtisses
- Membre des syndicats SES & ZARE
- Membre Spullweenchen asbl

Gaston ANEN - Conseiller communal

- Président de la Commission de l'environnement
- Membre de la Commission des finances
- Membre des syndicats SICONA-OUEST & SIDOR
- Membre du Comité de pilotage Contrat de rivière du bassin supérieur de l'Alzette
- Membre suppléant Klima-Bündnis

Franca ROMEO - Conseillère communale

- Présidente de la Commission de l'intégration
- Membre de la Commission de la Culture
- Membre suppléant de la Commission de l'égalité des chances et diversité
- Membre du GECT Alzette Belval & Sudcal SA
- Membre SABA & Club Senior Prënzebierg asbl

Nathalie Morgenthaler

Carine Reuter-Bauler

Mike Lorang

Gaston Anen

Franca Romeo

AUS DE KOMMISSIOUNEN

Kommissioun fir Chancëgläichheet an Diversitéit

FORMATIOUN „DESIGN FOR ALL“

„Design for All“ ass e Konzept, dat hautdesdaags bei all Plange vun neien Infrastrukturen net méi ewechzedenken ass.

De 7. Mäerz 2018 huet den Här **Silvio Sagramola**, fréieren Direkter vun Info-Handicap a Grënner vun der asbl *Design For All Luxembourg* de Membere vun der Kommissioun fir Chancëgläichheet an Diversitéit eng ganz interessant Aféierung an dëst Konzept gemaach.

Wéi den Numm et seet, schléisst d'Konzept „Design for All“ déi Elementer an, déi derzou bäidroen, dass all Member vun eiser Gesellschaft sech esou entwéckelen a beweege kann, wéi et senge Fäegkeeten a senger Liewenslag entsprécht, dass all Liewensaspekter beim Plange vu deene verschiddenste Projeten abezu ginn. Et geet drëm, jidderengem, souwuel Leit ouni wéi och Leit mat ageschränkter Beweegung, mat Siichtbehënnerung, mat Héierschiedegung oder och mat Léierschwieregkeeten d'Liewen esou einfach wéi méiglech ze maachen.

Et geet ëm Accessibilitéit (vu Raim a Gebaier, awer och vun Informatioun), ëm Integratioun an Inklusioun (am alldeegleche Liewen, op der Aarbecht, an der Schoul), ëm Chancëgläichheet (fir Mann a Fra, fir Mënsche mat Beanträchtegungen, fir Jonk an Al), asw.

Ee Projet, dee beweist, wéi villsäiteg den „Design for All“ – Konzept ka sinn, gëtt de Moment an eiser Gemeng verwierklecht. Bei Foussgängerstréifen a Stroosseluuchte gi speziell, taktil Plaquen an d'Trottoire geluet. Natierlech kréien un éischter Stell Leit mat enger Siichtbehënnerung doduerch Hëllef geleescht. Mee och kleng Kanner kréien z.B. bäibruet, dass se bei esou Plaque musse stoe bleiwen an oppassen, éier se iwwert d'Strooss ginn.

Well dëst e ganz wichtegt Thema am alldeegleche Liewen ass, huet de Schäfferot an de Service fir Chancëgläichheet an Diversitéit vun eiser Gemeng, zesumme mat Info-Handicap, de 24. Abrëll 2018 och eng Formatioun fir d'Gemengepersonal offréiert mam Zil, méi Récksiicht ze huelen op Mënsche mat Beanträchtegungen a verschiddene Situatiounen op der Gemengeverwaltung. Dës Formatioun wäert derzou bäidroen, d'Servicer un de Bierger z'optimiséieren.

Commission d'intégration

SOIRÉE D'INFORMATION « OH ! OPEN HOME, OPPENT HAUS »

La commission consultative d'intégration de la Commune de Sanem a organisé une soirée d'information très intéressante et émouvante avec Madame Marianne Donven de « OH! Open home, Oppent Haus », le 28 mars 2018 et ceci dans la salle des fêtes de la mairie à Belvaux. OH ! est une plateforme citoyenne visant à promouvoir l'accueil de réfugiés et de demandeurs de protection internationale dans des familles résidant au Luxembourg. OH ! sensibilise, informe et met en relation des personnes réfugiées et des particuliers et les accompagne dans ce processus.

Le plus émouvant, c'était que des citoyens comme Monsieur Guy BREDEN et Madame Marianne GERGES ayant déjà accueilli des réfugiés au sein de leur famille étaient présents et ont fait part de leurs expériences très positives.

Voici un témoignage de Madame Marianne GERGES de Soleuvre :

Marianne GERGES, 3e à partir de la droite

« En février 2017, je me suis renseignée auprés de Marianne Donven de « OH ! », où j'ai reçu les informations nécessaires pour mettre mon idée en pratique. Les démarches à faire sont très simples: informer l'assistant-e du foyer et faire le changement de domicile. En cas de besoin, on peut contacter les initiateurs de « OH ! », qui aident avec un engagement et une humanité énorme.

Les cultures sont différentes, les habitudes sont différentes, oui, c'est une réalité. Les besoins humains fondamentaux sont les mêmes: eux comme nous, veulent être acceptés et aimés, eux comme nous, cherchent la sécurité, la communauté, et veulent contribuer à la société.

Je n'ai en aucun moment regretté ma décision, et récemment, j'ai également accueilli la famille de Sharif, qui l'a rejoint enfin, après une séparation de plus de deux ans. »

EVENT - LET'S SKATE KIDS!

Am Kader vum Weltfraendag 2018 huet d'Gemeng den Event „Let's skate kids!“ am Skatepark um Belval organiséiert.

Den Nomëtteg ass organiséiert gi vum Schäfferot an dem Service fir Chancëgläichheet an Diversitéit an Zesummenuarbecht mat de Kommissioune fir Integratioun, Jugend, Sport, Chancëgläichheet an Diversitéit, dem CID Fraen a Gender an der Plateform JIF.

Wat hat dësen Event iwwerhaapt mam Weltfraendag ze dinn? Majo, ganz einfach: an der leschter Zäit entdecken ëmmer méi Meedercher d'Skaten an dat wollt d'Gemeng gären ënnerstëtzen. Well et awer net eng Aktivitéit reng fir Meedercher sollt ginn, ass de ganzen Nomëtteg fir alleguer d'Kanner ugebuede ginn. Bei dëser selwechter Geleegenheet hu verschidde Familljen de Skatepark iwwerhaapt entdeckt an d'Flüchtlingen aus dem Foyer Dickskopp wuaren och invitéiert ginn. D'Ziel vum Event – dee sech souwuel an de kommunalen Aktiounsplang fir Chancëgläichheet, wéi och an d'zukünftegt Engagement vun der Gemeng an der Charte de la diversité afügt – wuar et, Kanner – an domatt automatesch och Meedercher - fir de Skateboard an d'Vielfalt vum Urban Art oder Street Art, déi d'Skate begleeden, ze begeeschteren.

OPPOSITIONS FORMELLES

Den 3. Februar 2018 sinn zwou „OPPOSITIONS FORMELLES“ am Gemengerot gestëmmt ginn.

Déi 1. betrefft d'Firma Knauf Insulation, déi eng Steewollfabrik am Zoning Gadderscheier installéiere wëll, an déi 2. d'Deponie tëscht Suessem an Nidderkuer. Déi 2 Resolutioune sinn eestëmmeg gestëmmt ginn.

An der «Opposition formelle contre l'implantation d'une usine de production de laine de roche da la société Knauf Insulation à Sanem» sinn e.a. folgend Punkte festgehalen ginn :

Eng exakt lokal Evaluatioun ass net méiglech, well vu spéidere Vergréisserunge geschwuat gëtt an et also esou onméiglech ass, de reellen Impakt vun deem ganze Projet ze gesinn. D'Strategie fir d'atmosphäresch Emissiounen an de Normen ze hale gëtt nëmmen erreecht duerch eng méiglech breetgefächert Dispersioun.

De Cumul vun den Emissioune mat den aneren Industrien aus der Ëmgéigend gëtt net consideréiert.

Den Energieverbrauch gëtt op 236 GWh chiffréiert, dat entsprécht dem Verbrauch un Energie vun 25000 Awunner an 90% vum Energieverbrauch gëtt duerch Fossilenergien erreecht, dorënner 58% Coke!

D'Gesamtproduktioun, grad ewéi den Offall, gëtt iwwert d'Strooss transportéiert. D'Industrieoffäll musse fir d'Entsuergung bis an d'Géigend vun Leipzig transportéiert ginn. All dës Aspekter sinn net kompatibel mat de klimateschen Engagementer, déi d'Stad Déifferdeng an d'Gemeng Suessem am Kader vun hirem Klimapakt festgehalen hunn.

An der «Opposition formelle contre la décharge Aleweier – Cloos / ArcelorMittal située sur le territoire des communes de Differdange et de Sanem» steet: Fir d'éischt soll déi bestoend Deponie assainéiert ginn éier eppes Neies dohi kënnt. Déi méi al Industrieoffäll ginn deelweis zougetippt a sinn also spéider net méi „zougänglech“. Vill Analysen, déi d'Deponie betreffen, sinn 10 bis 20 Joer al, et kann also net vun enger aktualiséierter Analyse geschwuat ginn. Och den Impakt vum engem Hiwwel mat enger Héicht vun 56 Meter ass net a Betruecht geholl ginn.

Eng Kontaminatioun vum Grondwaasser ass net auszeschléissen opgrond vun ongenügenden Analysen vun der geologescher Erdschicht, déi ënnert der aktueller Deponie ass.

Hei sinn d' "effets cumulés" vum Kaméidi, der Loftqualitéit an dem Stëpps, am Verglach mat der haiteger Situatioun, onvollstänneg.

Méi Detailer fannt Där ë.a. am Pressendossier vu béid Gemengen: **www.sanem.lu**